adr
Groupe parlementaire

RECU
Par Magda Santos , 08:45, 06/02/2023

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 3. Februar 2023

Här President,

Am Numm vum Grupp vun den ADR-Deputéierte biede mir Iech, op Grond vum Artikel 84 vum Chambersreglement, eng Aktualitéitsstonn op d'Dagesuerdnung vun der Chamber se setzen.

D'Aktualitéitsstonn soll sech mam Bilan vum Titeljoer "Europäesch Kulturhaaptstad" beschäftegen, dat den 22. Dezember 2022 offiziell ofgeschloss gouf (verschidde Projete vun Esch2022 lafen an den nächste Joren nach weider). Konkret sollen ënner anerem folgend Froen thematiséiert ginn: Wéi huet d'Zesummenaarbecht tëscht den 19 Gemengen, déi um Kulturjoer bedeelegt waren, funktionéiert? Wéi verdeele sech d'Zuschauerzuelen op déi eenzel Veranstaltungen? Wéi ee wirtschaftlechen an touristeschen Impakt hat d'Kulturjoer op d'Südregioun? Hu sech déi vill Renovéirungen an Ëmgestaltunge vu Kultursitte gelount? Wat geschitt mat den Infrastrukturen? Huet sech den Image vun Esch a vun der Südregioun am Ausland verännert? Wat huet d'Kulturjoer de Lëtzebuerger Steierzueler kascht? Wéi sinn d'Erfarunge mat de Benevollen, déi beim Kulturjoer matgehollef hunn?

Mat déiwem Respekt

Fernand Kartheiser

President vum Grupp ADR

Fred Keup
Deputéierten